DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire
9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg
Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07
dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 16. November 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Op der Uewersauer, z.B. op der Bramillen (Gemeng Buerschent) oder zu Méchela (vis-à-vis vun der Réngelschleed, Gemeng Ierpeldeng-Sauer), sinn nom Juli-Héichwaasser eng ganz Rei Roulotte laanscht d'Uwänner am Getraisch oder a Beem hänke bliwwen.*

*Véier Méint no den Iwwerschwemmunge vum Summer 2021 hänken se nach ëmmer do a riskéieren, bei engem Wanter-Héichwaasser, weider gedriwwen ze ginn bis se dann iergendwou op der Ënnersauer oder an der Musel ukommen. Datt se eventuell an eng Bréck knuppen an do de Waasserlaf stéiere kënnen, dat versteet sech vum selwen.*

*Aus deem Grond wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

1. *Ass d'Madamm Minister iwwer dës Fäll informéiert ginn? Wou stellen sech nach änlech Problemer?*
2. *Konnt d'Identitéit vun de Besëtzer vun dëse Roulotten an aneren Objete festgestallt ginn? Wat ass hir präzis Verantwortung an dësem Kontext?*
3. *Ass d'Madamm Minister prett fir dës Gefierer ewechhuelen ze loossen? Wa jo, a wat fir engen Delaie kann*

*d'Waasserwirtschaftsamt dës Aarbechten an d'Wee leeden an duerchféiere loossen?*

4. *Kann d'Madamm Ministesch soen firwat dës Roulotte bis elo nach net wechgeholl gi sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten